

Bildung

1. Wéi wëllt Dir diskriminéierend Inhalter (sexistesch, rassistesch, klassistes) am Schoulmaterial an an de Programmer ofschaffen?

Schoulmaterialien a Programmer sollten de gesellschaftleche Wandel reflektéieren. Leider dauert dat dacks vill ze laang, an et fanne sech nach antiquaresch Vuen an de Materialien wéi och iwverproportionell vill männlech Charakteren. Besonneg am Fall vun stereotypeschem Verhalen muss an de Schoulbicher a Material domat gebrach gin, an dësst net nach verstärkt gin.

Dowéinst muss si stänneg evaluéiert an erneiert ginn. Hei spillt de SCRIPT eng grouss Roll, mee och d'Enseignante muss sensibiliséiert ginn. Am Fall wou et kee Wee rondrëm Material gëtt, dat fragwürdeg ass, sief et well et historiesch gesi wichteg ass oder et keen adaptéiert Material gëtt, muss d'Léierpersonal och dorop agoen an erklären, firwat gewësse Materialien problematesch sinn.

2. Wéi wëll Är Partei d'Representatioun vu Fraen an de Schoulprogrammer erhéijen (weiblech a queer Auteuren an der Literatur, Kënschtlerinnen, Wëssenschaftlerinnen, Musekerinnen...)?

D'Schoulprogrammer dierfe sech nit just op wäiss männlech Wierker begrenzen. Si solle stänneg ugepasst ginn, fir all Mënschen ze representéieren. Mir setzen eis am nächste Walprogramm dofir an dass sämtlech Schoulbicher an deem Senn re-evaluéiert gin an dementspriedend ugepasst gin. Donierft ass et wichteg, Léierpersonal ze sensibiliséieren, ob an der Ausbildung oder och nieft dem Beruff, fir dass d'Diversifizierung nit just um Pabeier geschitt, mee tatsächlech och an de Schoulen ëmgesat gëtt. Och Persounen mat kierperlecher Beanträchtegung an non-binär Persounen müssen méi repräsentéiert gin, fir der Realitéit an mam hetero-normativen Bild ze brieden. Och de Language an d'Schreiweis vu Schoulmaterial soll genderneutral a geschlechterinklusiv sin.

3. Wëllt Dir genderspezifesch Aspekter an d'Ausbildung vum Léierpersonal integréieren?

Obligatoresch Moduler a Coursen zum Thema Geschlechter an Gender fir Léier an Betreuungspersonal aféieren

4. Wëllt Dir d'Erkennung an d'Präventioun vu Gewalt an d'Formatioun vun der Police, der Justiz an dem Gesondheetspersonal als feste Bestanddeel integréieren, respektiv ausbauen?

Allgemeng soll heislech Gewalt an Präventioun dovun an de relevante Beruffer Deel vun der Grondausbildung a Weiterbildung sin. Besonnesch zwëschen de Berufsgruppen dei am Kontakt mat potentiellen Affer sin, muss eng besser Vernetzung geschéien.

5. Wéi wëllt Dir eng geschlechtersensibel Perspektiv an déi non-formell Bildung integréieren?

Personal aus Betreuungsstrukturen muss an deser Hisicht an der Grondausbildung wéi an der Weiterbildung forméiert gin. Och bei der Auswiel vu Spillsaachen, Material an Duerstellung vu Geschlechter gellt et an dësem Sektor eng grouss Sensibilitéit ze hun an och den Elteren kennen bei Froen ronderem den Gender zur Sait ze stoen.

Aarbecht

6. Wéi wëllt Är Partei de berengte Gender-Pay-Gap ofschaffen?

Mier setzen eis weider fir obligatoresch Gleichstellungspläng an, wellen d'Thema weider besetzen an sensibiliséieren an och triede mer fir méi Kollektivverträg an alle Sektoren an déi heibai eng Léisung duerstellen. D'Konzept vun Gleichstellungsbeoptragten soll weider emgesat a promovéiert gin. Mir wellen d'Thema Loun-Transparenz weider opbrennen an Drock op de Privatsektor maachen fir an deem Thema weider ze kommen. Och keint een

iwwer en Transparenz Label nodenken, deem d'Entreprises incentivéiert fir eng Virbildroll an dësem Thema anzehuelen.

7. Ëm wéi vill Stonne wëll Är Partei d'Aarbechtszäit verkierzen?

Mir wellen eng gesellschaftlech Diskussioun iwwert eng Aarbeschzeitverkierzung an eng Flexibiliséierung féieren.

8. Wéi wëll Är Partei déi grouss Ongläichheet tëscht de Geschlechter bei de Renten ausgläichen?

En obligatoreschen Mindestbetrach fir all Mensch aféieren. Desst bedeit dass beispilsweis bei enger beruflescher Auszait en gewessene Betrag an d'Pensiounskees abezuelt gett. D'Leit mussen d'Méiglechkeet hun fir voll ze kotiséieren, obwuel se net voll schaffen.

9. Wëll Är Partei e bedéngungsloost Grondakommes aféieren?

D'Thema Grondakommes ass fir eis zu desem Zaitpunkt keng Diskussioun well et net finanzéierbar ass. Mir sin der Meenung dass een op eng aner Art a Weis Sozialtransferen muss machen.

10. Wéi wëll Är Partei eng Kannerbetreuung fir all Kand, onofhängeg vun der Situatioun vun den Elteren, garantéieren (besonnesch fir strukturschwaach Géigenden an Elteren, déi op den öffentlichen Transport ugewise sinn)?

An der Legislaturperiod gouff d'Gratuiteit vun de Maison relaisen an vum Mettegiessen agefouert. Mir sin der Meenung dass een alternativ Betreuungsmodeller wéi Dageselteren muss reforméieren an ennerstetzen, an gleichzaiteg ass d'Thema Öffnungszaiten vun dese Strukturen eent wat eis immens wichteg ass an wou een méi breet, Schicht-gerecht Auerzaiten muss fannen. D'Takten an d'Frequenz vun Öffentlichen Transport gouffen reforméiert an verbessert, fir besonneg am ländlechen Raum Entlaaschtungen ze bringen.

Famill

11. Ëm wéi vill Wochen oder Méint wëll Är Partei de Congé de naissance (aktuell Bezeechnung "Pappecongé") verlängeren?

De Pappecongé ass substantiell verbessert gin, mee eng Rei Mechanismen sin net praktikabel an mussen dementspriechend verbessert gin. D'Duree kann een an d'Luucht setzen, mee och en Pendant vun Congé maternité, fir den Papp soll geschaf gin, fir besonneg an deser eischer intensiver Zait eng Ennerstetzung ze sin.

12. Wéi wëll Dir d'Aarmut vun den Elengerzéienden ofschaffen?

- Steuerreform : manner heigen Steiersaatz
- Upassung vun Steierkredit Monoparental
- Indexéierung vun Allocatiounen beibehalen respektiv reegelméisseg Upassung un de Niveau vun de Liewenskäschten & Upassung vun « Barème d'éligibilité »
- Vereinfachung vun den administrativen Hürden fir Allocatiounen unzufroen
- Upassung vun den Deeg vun « Congé pour raisons familiales »
- Temporär zousätzlech Hëllef we zB Energieprimm
- Subvention Loyer gouff erhéisch
- Wat nei ass : Gratis maisons relais/foyers de jours/mini-crèches/assistants parentaux & gratis lessen an der Kantinn
-

13. Wëll Är Partei e Recht op e Congé de maternité fir Deputéiert a Regierungsmemberen aféieren?

Mir sinn dofir datt en offizielle Kader geschaf deen d'Schwangerschaft, an d'Zäit no der Gebuert, och bei Mandataire reegelt.

Oft leeschte si déi selwecht Aarbecht ewéi virun der Schwangerschaft an dëst bis zur Gebuert. An well en offizielle Kader feelt, fille vill Fraen sech indirekt verpflichtet och no der Gebuert direkt erëm weiderzeschaffen, wat en enormen Drock ausléise kann an en Afloss op déi physech a mental Gesondheet kann hunn. De feelende Kader kann och en Afloss op d'Probabilitéit hunn fir iwwerhaapt e politescht Mandat unzehuelen.

Gesondheet

14. Wëll Är Partei „Endometriosis“ als Krankheet unerkennen? Falls nee: Firwat?

Jo

15. A wéi fern ënnerstëtzt Dir d'Schafung vun engem onofhängege Bureau de Plainte bei gynekologescher Gewalt?

Spezifesch postnatal Consultatioun fir d'Nosuerg vun der Mamm, fir dat Erleiftent opzeschaffen an eventuel Depressiounen virzebeugen

National Berodungsstell fir Fraen no enger belaaschtender Gebuert a bei gynekologescher Behandlung

16. Wëll Är Partei d'Gratisverdeeelung vu Menstruatiounsproduiten an alle staatlech geréierten Toiletten aféieren?

Jo, Hygiènesproduite sollten an allen ëffentleche Gebaier, sou wéi och Schoulen an Lycéen gratis zur Verfügung stoen. Nom Virbild vun der Gemeng Walfer, déi als éischt Period boxes agefouert huet, sollen iwwerall op ëffentlechen Toilette gratis Produite stoen.

17. Am Moment ginn d'Pëll, de Vaginalrank, d'Verhütungsplooschter, d'Kupfer- an d'Hormonspiral bis zum 30. Liewensjoer zu 80% rembourséiert. Wëll Är Partei den Alter fir vun dësem Remboursement ze profitéieren erop setzen?

Ab Ufank 2023 wäerte Verhütungsmëttel (Pëll, Plooschter, Spiral, Vaginalrank etc.), wéi och Vasektomie a Sterilisatioun gratis ginn. Domat gëtt eng laangjäreg Fuerderung vun eis erfëllt. Och eng méi breet gefächert Verdeeelung vu Kondomern ënnerstëtze mir, wéi zB mat ëffentlechen zougänglechen condom boxes.

Politik a Gesellschaft

18. Wéi wëllt Dir d'Erhiewung an d'Notzung vun genderspezifischen Donnéeën sécher stellen (bei parlamentareschen Ufroen, beim Statec, bei Etüden, ...)

Den Gender data gap ass ee vun de Bausteng um Wee zu méi Chancengläichheet well ouni Date gëtt et och keen Genderbudgeting oder aner Moosnamen. Dofir muss bei all Fro och ëmmer den Gender eng Roll spillen an erhewe ginn.

19. Wéi wëllt Är Partei Genderbudgeting ëmsetzen?

Duerch Best-practices aus dem Ausland, spezifesch Formatiounen fir Gemengeresponsabel an Pilotprojeten d'Thema Genderbudgeting aktiv ugoen an zu Letzbuerg etabléieren.

20. Wéi setzt sech Är Partei besonnesch fir rassiséiert Fraen, queer Fraen a Frae mat Behënnerung an?

Mir sti fir eng inklusiv a gerecht Gesellschaft, onofhängeg vun Hautfaarw, sexueller Orientéierung oder Gesondheitszoustand. Dofir setze mir eis op allen Ebenen an.

Konkret huet eis Justizministesch rezent ee PdL deposéiert, deen an Zukunft wäert eng circonstance aggravante am Code pénal aféieren. Mat deem wäert d'Motiv vun enger

Strofdot eng Roll spillen, esou zB wann eng Persoun wéinst hirer Hautfaarw, hirer sexueller Orientéierung oder hirem Geschlecht enger Strofdot zum Affer fällt. Et ass wichtig, Minoritéiten esou virun Haasskriminalitéit ze schützen.

Mir hunn och eng eege parteiintern Ulaafstell wou een*t sech melle ka wann ee mat Hatespeech confrontéiert ass.

21. Wéi wëll Är Partei genuch bezuelbare Wunnraum fir besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppe schafen (elengerzéiend Elteren, Familljen mat méi wéi 3 Kanner, Affer vun haislecher Gewalt, ...)?

Weiderhin an den abordabele staatleche Wunnraum investéieren an zesumme mat de Gemengen nach méi Wunnraum zu erschwéngleche Präisser schafen. Mir wellen ennerstrachen dass och a punkto Accessibilitéit méi Wunnraum geschaf muss gin fir dass dëss Gruppen net zousätzlech benoodelegt sin.

22. Wéi wëll Är Partei Jongen- a Männeraarbecht fërderen (zousätzlech zum Service InfoMann)?

Och Männer kënnen Affer vu physesche oder psychologescher Gewalt am Stot oder anzwousch anescht ginn. Nierft den existenten Ulaafstellen misst eng Bestands a Besoinsopnahm gemach gin wéieng spezifesch Besoinen nach net oofgedeckt sin.

23. Frae leeschten een Drëttel méi onbezuelte Care-Aarbecht wéi Männer an hunn doduerch däitlech manner zäitlech an ekonomesch Ressourcen, wat a ville gesellschaftleche Beräicher d'Ongläichstellung vun de Geschlechter fërdert. Wéi wëll Är Partei dëser ongläicher Verdeelung vun der onbezuelter Care-Aarbecht entgéint wierken?

Eng generell Aarbechtszäitverkierung géing dozou bäidroen, dass och Männer, déi méi dacks Vollzäit schaffen och méi Zäit fir Care-Aarbecht hätten. Deelzait schaffen a Flexibiliséierung muss an desem Kontext méi attraktiv gemach gin.

Theeme wéi de mental load, dee gréisstendeels bei Frae läit no vir bréngen an esou méi eng grouss Unerkennung fir dës stänneg mental Belaaschtung ze erreechen. Nëmme wann et thematiséiert gëtt, kënne mer och ee Wandel erreechen.

24. Wéi eng konkret Mesuren plangt Är Partei fir Paritéit an de politesche Mandater ze fërderen?

déi gréng setze säit der Grënnung op Paritéit an alle Beräicher an hu säit jeher paritéitesch Lëschten. Dëst dréit Friichten; vun eisen 9 Deputéierten an der Chamber sinn 2/3 Fraen. Mir setze weider op paritéitesch Lëschten a Sensibiliséierung, mee och duerch besser Konditiounen fir Politiker*innen, zB duerch d'Schafung vun engem Congé de maternité fir Mandatair*innen.

25. Wéi wëllt Dir sexistesch Belästegung am öffentleche Raum verréngeren?

- Präventioun vun klengstem Alter un
- Datenerhiewung & meescht betraffe Plaatzen identifizéieren
- Bei der Planung /Emgestaltung vu neie Quartieren oder öffentleche Plaatzen : Biergerbedeelegung
- Op de Problem opmierksam maachen
- Beliichtung (Busarréiten, Parkhaiser, Parken, Trapenhaiser ...)
- Fraeparkplaatzen a Parkhaiser
- Opwertung vun Ennerfeierungen
- Vermeide vun „doudge Wenkelen“ (Angschtraim)

26. Wéi wëll Är Partei eng geschlechtersensibel Verkéierspolitik fërderen?

Verkéierspolitik muss net nëmme geschlechtersensibel mee och inklusiv sinn. Mir brauchen „Design for all“ an eiser Verkéierspolitik, den Transport also fir jiddereen*t onofhängeg vu Geschlecht oder enger eventueller mobilité réduite zougängeg ze maachen. Hei sinn awer

och nach méi Daten néideg (wie benotzt wéieen Transportmëttel wéini an och firwat). D'Sécherheetsgefill ass fir verschidde Leit am Transport een anert, dofir brauche mir zB gutt beliichten Arrêten, op deene sech all Mënsch ka sécher fillen. Dëst geet dann och schonn an d'Thematik vun der geschlechtersensibler Städe- a Raumplanung eran.

- Androzentrastesch Denkmuster prägen d'Verkeierspolitik an ignoréieren gréisstendeels d'Liewensrealitéit vu Fraen oder der LGBTQ+ Community
- Bei der Datenerhieweung och Geschlechterdifferenze berécksichtegen (et fehlt un Donnéeën)
- Ennerschiddlech Bedürfnisser bei der Gesaltung berecksichtegen
- Secherheet am öffentleche Verkeier (Beliichtung, Videoiwwerwaachung, keng isoliert Busarrêten,...)
- Schulung vum Personal wat an deem Beräich schafft
- Zougang zu propperen a secheren Sanitäranlagen (zB op P&R)

Aussepolitik

27. Wéi wëll Är Partei eng feministesch Aussepolitik ëmsetzen?

Feministesche Aussepolitik baséiert op der Iwwerzeegung, dass nohalteg Sécherheet a Friden op der Welt just méiglech sinn, wa mer geschlechtergerecht a gläichberechtegt handelen. Et geet also drëms jiddereent*^t, also Fraen, LGBTQIA+ Mënschen a mirginaliséiert Gruppen anzubannen.

D'Gläichstellung vun de Geschlechter a Chancegläichheet fir jiddereent*^t mussen deemno an alle Beräicher matgeduecht ginn, sief et bei der Representéierung, bei der Fro wie bei Verhandlung mat um Dësch sëtzt oder wéi Ressource verdeelt ginn.

Konkret heescht dat, Plaze paritéitesch ze besetzen an dëst och international ze fërderen, an der Kooperatiounsaarbecht drop ze uechten, dass all Projet deen ënnerstëtzt gëtt och den Aspekt vun der Gendergerechtkeet an Diversitéit berécksichtigt etc.

28. Wéi wëll Är Partei d'Mënscherechter vu Fraen a geschlechtliche Minoritéiten ouni Pabeieren op europäeschem Niveau an hei am Land sécheren?

Gewalt an Diskriminatioun vu Fraen als Fluchtgrond unerkennen. Eng besonneg Sensibilitéit fir d'Thematik vun LGBTQIA+ Mënschen op der Flucht an bei hieren Identitéitsperbeieren opbrennen fir hinnen de beschtméigleche Schutz a Begleedung ze garantéieren. Och a punkto Nout-Ennerkonften an Logistik op d'spezifesch Besoinen vu Fraen an geschlechtlichen Minoritéiten agoen.

Kultur

29. Wëllt Dir paritéitesch virgoe bei der Fërderung vu Kënschtler*innen (finanziell a wat d'Repräsentanz vun hire Wierker an de Kulturprogrammer betrëfft)?

Am Kultursekteur gouff rezent den Code de deontologie agefouert deen notamment och d'Diskriminéierung, den Gender-Pay Gap, an onsozial Aarbeschskonditiounen garantéieren soll.

30. Wëllt Är Partei geziilt d'Schafe vu weiblechen, queeren a benodeelegte Kënschtlerinne fërderen?

Jo, eis gesellschaftlech Villfalt soll sech och an der Kultur/Konschtzeen erëmispigelen.

